N° 7439
Entrée le 17.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7439 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Léon Gloden**

De Sujet, dee vun den Auteure vun der parlamentarescher Fro opgeworf gëtt, ass effektiv net nei. Den 19. Mee 2020, am Kontext vum *Débat de consultation* iwwert d'Reform vun der Police grand-ducale, huet den honorabelen Deputéierte Léon Gloden eng Motion deposéiert, déi d'Regierung invitéiert « *à étudier la possibilité d'introduire une section respectivement division « sécuritaire » dans l'offre scolaire de l'enseignement secondaire* ».

Doropshin ass en Aarbechtsgrupp zesummegesat ginn aus Vertrieder vum Ministère de la Sécurité intérieure, der Police grand-ducale, dem Ministère de l'Intérieur, dem CGDIS, dem Ministère des Affaires étrangères, der Lëtzbuerger Arméi, dem Ministère de la Justice, der Administration pénitentiaire an dem Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

An dräi Aarbechtssëtzungen (30. Mäerz, 3. Juni a 17. September 2021) hunn déi uewe genannten Acteuren hir jeeweileg Besoinen duergestallt an déi verschidde Carrièren an hir Zougangscritèrë matenee verglach. Dobäi hunn si festgestallt, datt d'Aféierung vun enger schoulescher Offer, déi op d'Carrièren am Beräich vun der Securitéit géif virbereeden, net opportun wier, dëst an der Haaptsaach well déi spezifesch Kompetenze fir déi verschidde Carrièren zevill ënnerschiddlech sinn.

Dëst gëllt och, wann een sech op d'Carrièrë vun der Police beschränkt, déi den honorabelen Deputéierten als "Police-Beruffer" bezeechent: Kompetenzen, déi fir all Carrière nëtzlech sinn, sief et am Beräich vun de Sproochen, der Mathematik oder der Éducation civique, ginn an der Schoul souwisou vermëttelt.

Et ass zeréckbehaalen ginn, datt déi gefroten Ziler duerch d'Offer vun der Formation continue, der Upassung vun de Rekrutementsprozeduren an duerch speziell intern Formatioune respektiv Stage kéinten ereescht ginn. De Rapport vun dësem Arbechtsgrupp gouf der Chamber présentéiert.

D'Regierung féiert deemno keng Iwwerleeungen, fir eng Ausbildung am Beräich vun de "Police-Beruffer" anzeféieren. Dëst heescht awer net, datt déi jonk Leit net géife fir dës Beruffer sensibiliséiert ginn: Et sief an dësem Kontext op d'Orientatioun opmierksam gemaach, déi deene Jonken ëmmer erëm am Verlaf vun hirer schoulescher Ausbildung offréiert gëtt. Police an Arméi mat hire verschiddene Carrièrë spillen hei eng wichteg Roll a sinn och bei enger ganzer Rei vu Manifestatioune selwer present.

Wat d'Sécherheetsberuffer betrëfft, sou gëtt am Beräich vun der Formation professionnelle aktuell en "DAP-Gardiennage" ausgeschafft. Eng Équipe curriculaire ass mat de konkreten Aarbechten dofir befaasst.

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH